



Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Fernand Etgen, Président
- Communications
 - M. Fernand Etgen, Président
- Ordre du jour
 - M. Fernand Etgen, Président - M. Laurent Mosar (interventions de M. Gilles Roth, Mme Diane Aدهم et M. Léon Gloden)
- 7416 - Projet de loi modifiant l'article L. 222-9 du Code du travail
 - Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale : M. Georges Engel
 - Discussion générale : M. Aly Kaes - Mme Carole Hartmann - M. Carlo Back - M. Jeff Engelen (dépôt de la motion 1) - M. Marc Baum - M. Sven Clement
 - Prise de position du Gouvernement : M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Motion 1 : M. Jeff Engelen - M. Marc Baum - Mme Martine Hansen - M. le Ministre Dan Kersch - M. Jeff Engelen - M. Alex Bodry
- Ordre du jour (suite)
 - M. Charles Margue (interventions de Mme Josée Lorsché, M. Laurent Mosar et M. Gilles Roth) - M. Gilles Roth - M. Laurent Mosar (intervention de M. Charles Margue)
- 7417 - Projet de loi portant modification de :
 - la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;
 - la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale
 - Rapport de la Commission de la Famille et de l'Intégration : M. Max Hahn
 - Discussion générale : M. Georges Mischo - Mme Tess Burton - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Baum - M. Sven Clement (dépôt de la motion 1)
 - Prise de position du Gouvernement : Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Ordre du jour (suite)
 - M. Fernand Etgen, Président
- Heure d'actualité du groupe technique (ADR) au sujet de l'enseignement de la langue chinoise dans les lycées luxembourgeois et de l'offre relative à d'autres langues
 - Exposé : M. Fernand Kartheiser
 - Débat : M. Claude Wiseler - M. Gilles Baum - Mme Tess Burton - Mme Josée Lorsché - M. David Wagner
 - Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
 - M. Fernand Kartheiser (parole après ministre) - M. le Ministre Claude Meisch
- 7189 - Projet de loi concernant l'Institut étatique d'aide à l'enfance et à la jeunesse
 - Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance, de la Jeunesse, de l'Enseignement supérieur et de la Recherche : M. Gilles Baum
 - Discussion générale : M. Paul Galles - M. Georges Engel - Mme Djuna Bernard - M. Fernand Kartheiser (dépôt de la motion 1) - M. Sven Clement
 - Prise de position du Gouvernement : M. Claude Meisch, Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse - M. Paul Galles (parole après ministre)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Vote sur la motion 1 (rejetée)
- 7417 - Projet de loi portant modification de :
 - la loi modifiée du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées ;
 - la loi modifiée du 28 juillet 2018 relative au revenu d'inclusion sociale (suite)
 - Motion 1 : M. Eugène Berger - M. Fernand Kartheiser - M. Marc Goergen (intervention de M. Eugène Berger) - M. Georges Mischo - M. Eugène Berger (intervention de M. Marc Goergen) - M. Marc Baum - M. Eugène Berger
 - Vote sur la motion 1 (rejetée)
- Ordre du jour (suite)
 - M. Gilles Roth

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Dan Kersch, M. Claude Meisch et Mme Corinne Cahen, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.31 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Ech maa-chen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **Mme Corinne Cahen**, Ministre de la Famille et de l'Intégration.- Neen, dat ass net de Fall, Här President.

2. Communications

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

D'Lëscht vun de parlamentareschen Ufroen a vun den Antworten ass um Büro deponéiert. D'Lëscht vun de Projeten, déi säit der leschter Sitzung deponéiert gi sinn, ass verdeelt ginn.

D'Lëscht mat de Petitiounen, déi säit der leschter Sitzung deponéiert goufen, ass och verdeelt ginn.

Communications du Président - séance publique du 25 juin 2019

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Le projet de loi suivant a été déposé à l'Administration parlementaire :

7446 - Projet de loi

1° portant transposition de la directive (UE) 2018/1910 du Conseil du 4 décembre 2018 modifiant la directive 2006/112/CE en ce qui concerne l'harmonisation et la simplification de certaines règles dans le système de la taxe sur la valeur ajoutée pour la taxation des échanges entre les États membres ;

2° modifiant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Dépôt : M. Pierre Gramegna, Ministre des Finances, le 20.06.2019

3) Les demandes de pétition publique suivantes ont été déposées :

1310 - Demande de pétition publique : Taux de chômage au Luxembourg

Dépôt : José Carlos Lavandeira Rodrigues, le 18.06.2019

1311 - Demande de pétition publique : Création d'une plateforme virtuelle officielle pour mieux gérer le lien entre les personnes physiques et les institutions officielles

Dépôt : Claire Albrecht, le 20.06.2019

1312 - Demande de pétition publique : Pour une nouvelle législation qui oblige les agents de sécurité et les portiers à porter un badge d'identité pendant le travail

Dépôt : Mustapha Rial, le 21.06.2019

1313 - Demande de pétition publique : L'obligation pour toute personne qui veut passer le permis de conduire d'avoir une formation premier secouriste

Dépôt : Sergio Dias, le 21.06.2019

1314 - Demande de pétition publique : Santé et sécurité de la population

Dépôt : Nathalie Choque, le 23.06.2019

3. Ordre du jour

Den Ordre du jour, esou wéi d'Presidente-konferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mam Ordre du jour averstannen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Den Här Mosar freet d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Jo, Merci, Här President. Ech wollt d'Wuert froen, fir lech, Här President, an der Chamber matzedeele, datt mir mat gewësse Praktiken, déi sech amgaange sinn an der Commission juridique ze etabléieren, absolutt net méi kënnen averstane sinn.

Ech si virun e puer Deeg ugeruff ginn am Kontext vum Waffegesetz, wou Der wësst, Här President, datt am Moment sech ganz vill Leit Suerge maachen iwwert dat, wat an deem Waffegesetz do passéiert. An dunn hat ech en Här um Telefon vun enger Associatioun, déi sech ëm dat Waffegesetz do këmmert. An dunn huet dee mer gesot, e wär e bësselchen erstaunt, e wär an enger Reunioun vun der Commission juridique vun der Chamber gewiescht an et wär kee vun der CSV do gewiescht.

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat kann dach net sinn!

► **Mme Diane Aدهم** (CSV).- Dat kann dach net sinn!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dat huet de Mann mer gesot.

(Interruption)

Dunn hunn ech natierlech nogehaakt a gefrot, wéi dat da méiglech wär, ob e mer da kéint vläicht eng Kopie vun der Demande de convocation zoukomme loossen. Dunn huet de Mann dat gemaach.

Entre-temps, Här President, sinn ech vun engem Zweeten ugeruff ginn, och en Här vun enger anerer Associatioun, dee mer déiselwecht Geschicht gezielt huet, deen awer bis elo nach net empfaange ginn ass, mä dee sech opgereggt huet, wéi do ganz besonnesch hei vum President vun der Commission juridique procedéiert ginn ass.

Hei hunn ech näämlech de Bréif, Här President. Déi zwee Bréiwer si ganz genau d'selwecht libelléiert: un d'Chambre des Députés, un d'Commission de la Justice. An déi Leit froen, fir eng Entrevue mat der Commission juridique ze kréien. An oh, Dir Dammen an Dir Hären, wou sinn déi Leit empfaange ginn? An der Rue du Saint-Esprit an der grénger Fraktioun!

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Dat ass dach skandaléis!

(Interruption)

► **Mme Diane Aدهم** (CSV).- Dat ass e Skandal!

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Si hunn emol net driwwer geschwat!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Ech muss lech soen, ech si 25 Joer Member vun deem heiten Haus. Dat do hunn ech nach net matgemaach. Ech géif lech bieden, Här President, datt Der dem President vun der Commission juridique géift soen, ...

► **M. Gilles Roth** (CSV).- Deen net do ass. Deen net do ass!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- ... datt, wann e Bréif un d'Chamber an un d'Commission juridique adresséiert gëtt, hien der Commission juridique dee Bréif virzeleeën huet an ze kucken, wat d'Positioun vun der Commission juridique ass, ob eng Entrevue mat där Associatioun soll stattfannen oder net. A wann d'Commission juridique decidéiert, dat net ze maachen, datt dann déi Associatioun geschriwwen kritt, si soll

wannechgelift bei all Fraktiounen eng Entrevue ufroen an net nëmme just bei där grénger Fraktioun.

Déi gréng Kolleegen hunn d'Transparenz grouss um Fändel.

(Brouhaha)

Abee, ech muss lech soen, dat hei huet näischt méi mat Transparenz ze dinn. An ech wëll och direkt ganz kloer soen am Numm vun eiser Fraktioun: Dat ass déi leschte Kéier, datt mir esou eppes akzeptéieren, Här President. Wann dat nach eng Kéier virkënnt, da froe mir, datt de President vun der Commission juridique ausgewieselt gëtt.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, Président.- Merci villmools, Här Mosar. Ech ginn lech Akt vun Ärer Deklaratioun. Dir dierft awer och d'Kopie vun deenen zwee Bréiwer un d'Chamber deponéieren, datt mer déi dann och hunn.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Déi misst Der schonn hunn. Déi sollen näämlech an der grénger Fraktioun ukomm sinn.

(Hilarité)

(Dépôt d'un document par M. Laurent Mosar)

4. 7416 - Projet de loi modifiant l'article L. 222-9 du Code du travail

► **M. Fernand Etgen**, Président.- An da kéinte mer zu dem éischte Punkt vum Ordre du jour kommen, dem Projet de loi 7416, enger Erhéijung vum Mindestloun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Aly Kaes, d'Madamm Carole Hartmann, den Här Carlo Back, den Här Jeff Engelen, den Här Marc Baum an den Här Sven Clement. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Georges Engel. Här Engel, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut ass e gudden Dag fir déi Leit, déi schaffen hei zu Lëtzebuerg. De Projet de loi 7416 setzt een Deel vun der Decisioun aus



dem Regierungssaccord ëm, fir retroaktiv op den 1. Januar 2019 de Mindestloun netto ëm 100 Euro ze héijen.

De Mindestloun geet mat dëser leschter Decisioun ëm 0,9 % an d'Luucht. Et ass déi drëtt Etapp vun der Erhéijung vum Mindestloun. Domadder ass dës wichtege Projet a manner wéi zéng Méint no de leschte Wahlen an d'Praxis ëmgesat ginn. Dës zweet Erhéijung kënnt nämlech zousätzlech bei d'Erhéijung vun 1,1 % derbäi, fir déi d'Chambre schonn am Dezember vum leschte Joer gréng Luucht ginn hat. Zesumme mam Crédit d'impôt salaire social minimum, dee mam Budgetgesetz fir 2019 gestëmmt gouf a sech op 70 Euro beleeft, hunn elo all déi Leit, déi de soziale Mindestloun kréien, mindestens 100 Euro netto méi am Portmonni.

Fir dass déi Salariéen, déi liicht méi wéi de qualifizéierte Mindestloun verdéngen, awer net ganz vun dëser Erhéijung ausgeschloss ginn, gëtt den ugeschwatene Steierkredit lëner erfogsat vu 70 op 0 Euro fir d'Bruttolëin, déi pro Mount tëschent 2.500 an 3.000 Euro leien. D'Käschte vun dëser Erhéijung, déi ginn opgedelt: ronn zwee Drëttel fir de Stat an een Drëttel fir d'Betriben.

Erlaabt mer, e kleng Réckbléck op d'Evolutioun vum Mindestloun an d'Geschicht vum Mindestloun ze maachen. Déi éischt Kollektivaccorde ginn et säit 1893. Eréischt 1910 goufe se awer generaliséiert an 1936 mat der Schaffung vum Conseil national du travail si se an eis Legislatioun ageschriwwen ginn. Iwwregens deemools wéi och haut goufen a ginn et och nach vill Leit, déi schaffen, déi net an engem Kollektivvertrag sinn. A fir si bleift d'Lounopbesserung eng individuell Negociatioun.

En éischte Projet de loi, deen de soziale Mindestloun sollt aféieren, gouf 1916 deposéiert an dunn 1926 vun der Chambre de Travail iwwerholl, leider awer ouni Succès. De Statsrot huet deemools gefaart, dass et duerch d'Afféierung vun engem Mindestloun zu enger Hausse vum Chômage géif kommen, well d'Patrone retizent wieren, fir Leit mam Mindestloun anzustellen.

1935 huet d'Chambre de Travail du fonnt, dass e Mindestloun net noutwendeg wier an dass d'Kollektivverhandlungen dee bessere Wee wieren, fir ze verhandelen. Nom Zweete Weltkrich louchen d'Léin ënnert dem Existenzminimum, fir ze liewen. Et goufe grouss Spannungen an der Gesellschaft an eng Rei Streike sinn ausgebrach. An dunn 1944 ass dee legale Mindestloun agefouert ginn.

Am Arrêté stoung Folgendes: « (...) dans un intérêt d'ordre économique et de paix sociale, dans l'attente de la fixation des salaires par voie de contrat collectif ou autrement, de fixer les salaires considérés comme indispensables pour permettre aux travailleurs de se procurer les articles de première nécessité et le logement nécessaire au maintien d'un niveau de vie suffisant. »

Eng Interventioun vun der Regierung war deemno noutwendeg, fir erëm normal Liewenskonditiounen hierstellen. Den Artikel 4 vum Arrêté vun 1944 huet präziséiert, dass - a lauschtert elo gutt no! - an deselwechten Aarbechtskonditiounen a mam selwechte Rendement de Salaire vun den Aarbechterinne fixéiert gëtt op 80 % bis 90 % vun deem, wat d'Männer kréien. Initial war proposéiert ginn, eng Forschett vu 70 % bis 90 % ze fixéieren. Mä finalement huet sech d'Proposition 80 % bis 90 % duerchgesat, baséierend op der Iddi « même rendement, même rémunération ». Dat war d'Iddi. Déi ass dunn awer net esou ëmgesat ginn. Den Taux ass dunn uniform 1951 op 90 % gesat ginn. Den Arrêté vun 1963 huet d'Differenz vum Salaire tëschent Mann a Fra dunn opgehuewen, glécklecherweis.

Säit 1957 ass de Mindestloun un den Index ugepasst. All zwee Joer leet d'Regierung der Chamber e Rapport iwwert d'Evolutioun vun der ekonomescher Entwécklung an de Léin vir mat, wa se dat da wëllen, enger Upassung vum Mindestloun. Säit 1977 gëllt de Mindestloun fir all schaffend Leit. Am Ufank waren nämlech d'Hausaarbecht an d'Agrikultur net vum Mindestloun betraff a waren deemno ausgeschloss.

1965 gouf eng Differenz tëschent dem allgemengen an dem qualifizéierte Mindestloun agefouert, wat eng Majoratioun vun 20 % fir déi qualifizéiert Salarié mat sech bruecht huet. Eng Measure, déi och haut nach a Kraaft ass.

De soziale Mindestloun muss regelméisseg an der Relatioun mat anere Revenue gesi ginn, wéi zum Beispill mam REVIS oder mam Revenu

pour personnes gravement handicapées. An esou ass et deemno ganz staark ze begrëssen, dass et haut och nach zu enger Erhéijung vun dësen zwee Revenu-de-substitutionen, wéi se genannt ginn, kënnt.

Här President, eng Gesellschaft, déi dësen Numm verdéngt, ass eng Gesellschaft, déi zesummebraengt, déi Leit abënnt, an net eng, déi d'Mënschen auserneendreeft. Dozou gehéiert natierlech eng héchstméiglech Liewensqualitéit fir jiddwereen. An déi Liewensqualitéit setzt sech aus ganz verschiddene Facteuren zesummen. Zu dëse gehéieren eng gesond Ëmwelt, e sécher Ëmfeld, eng gutt Educatioun oder och nach eng gutt Gesondheitsversuergung.

An ee weidere wichtege Facteur ass - ob een dat elo wëllt héieren oder net - dee finanziellen. Et ass méi wéi bedenklech, wann, wéi statistesch Zuelen dat beleen, den Ënnerschied tëschent Aarm a Räich ëmmer méi grouss gëtt. Komplett inakzeptabel ass et awer aus dem mënschlechen, awer och aus dem gesellschaftleche Bléckwénkel, dass d'Aarmut zouhëlt, jo, dass et souguer Leit gëtt, déi eng Aarbecht hunn an trotzdeem net iwwert d'Ronne kommen.

Wann an engem räiche Land wéi Lëtzebuerg de soziale Mindestloun ënnert der Aarmutsgrenz läit, da leeft awer iergendeppes schif. An ee vun den Hiewelen, fir hei anzewierken, ass eben eng Erhéijung vum Mindestloun. D'Erhéije vum Mindestloun gëtt jo ënnerstëtzt duerch eng Etüd vum Statec, déi beseet, dass, wann ee 40 Stonnen hei zu Lëtzebuerg schafft, een 1.922 Euro brauch, fir ze liewen. Dat ass méi, wéi den aktuelle Mindestloun hiergëtt, wann een also d'Cotisationsen ewechrechent.

Duerfir, dës Erhéijung, déi haut gemaach gëtt, ass absolut net vu Muttwëll. Wichteg ass nach eemol ze ënnersträichen, dass déi Erhéijung vun 100 Euro dann och retroaktiv, rückwirkend op den 1. Januar vun dësem Joer gëllt.

Elo zu de Montanten: Fir ee Salarié ouni Qualifikatioun leie mer beim soziale Mindestloun elo bei 2.071,10 Euro, fir déi mat Qualifikatioun bei 2.485,32 Euro. Als qualifizéierte Salarié gëllt eng Persoun, déi op d'mannst e CATP oder en DAP huet, deen, deen e CCM oder e CCP mat zwee Joer Experience huet oder e CTP mat fénnef Joer Experience. Dee Salaire misst och bezuelt ginn, wann een zéng Joer Erfahrung huet am Beruff, deen een ausüübt, och wann een net déi néideg Zertifikatiounen huet.

Vun 28 Länner an Europa sinn et der 22, déi de Mindestloun hunn. Déi variéiere ganz staark, vun 286 Euro a Bulgarien bis 2.021 Euro zu Lëtzebuerg. Et kann een u sech dräi grouss Gruppen ënnerscheeden oder feststellen:

- manner wéi 500 Euro a Bulgarien, Rumänien an an Ungarn;

- tëschent 500 an 1.000 Euro a Kroatien, Litauen, Polen, Tschechien, Portugal, Griichenland, Slowenien, Slowakei, an

- iwwer 1.000 Euro a Spuenien, a Groussbritannien, Malta, Frankräich, Irland, Holland, Belsch, Däitschland an och hei zu Lëtzebuerg.

A sechs Länner hunn e Mindestloun, deen a verschiddene Branchë gëllt. Dat sinn Eisträich, Zypern, Dänemark, Finnland, Italien an och Schweden.

Beim Mindestloun geet et natierlech och drëms, fir d'Kafkraaft ze erhalen, wat gutt fir eis wirtschaftlech Situatioun ass, an et geet drëms, d'Aarmut ze bekämpfen.

Déi, déi vum soziale Mindestloun musse liewen an déi net vun anere Virdeeler aus Kollektivvertrag kënne profitéieren, hänke fir eng Opbesserung vun hirem Salaire vun eiser Decisioun hei of, de Mindestloun ze erhéien. Eis Decisioun huet deemno och eppes mat Dignitéit vis-à-vis vun de Fraen a Männer ze dinn, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, a wéi eng Wichtegkeet mer der Aarbecht an eiser Gesellschaft ginn.

De soziale Mindestloun ass ee vun den Hauptelementen an der Lutte géint d'Aarmut a géint déi sozial Ausgrenzung. Déi positiv Effekter vun enger substanzierter Erhéijung - an dës Erhéijung vun 100 Euro, déi ass substanzier - gekoppelt mat enger linearer Erfetzung vum Steierkredit vu 70 op 0 Euro fir d'Bruttolëin vun 2.500 bis 3.000 Euro hëllefen also net nëmmen deenen, déi de Mindestloun reelement kréien, mä och deenen, déi liicht driwwer leien. An dat sinn hei zu Lëtzebuerg ronn 61.700 Leit, dovunner wunnen eng ronn 57 % hei zu Lëtzebuerg. An déi Leit, déi hunn et och weiderhin, och elo mat deenen 100 Euro weider, net einfach bei eisen Immobiliepräisser, bei eise Loyereren, fir en dezent Liewen ze féieren.

Dës Erhéijung vum Mindestloun ass ee ganz konkret Beispill vun effikasser Sozialpolitik, e wichtege Schratt am Kampf géint d'Aarmut, mä mir musse weider u weidere Schrëtt virschaffen.

Zu den Aarbechten an der Kommissioun: De Projet de loi gouf den 1. März deposéiert. Et

goufen eng Rei vun Avisen vun der Chambre des Salariés, vun der Chambre de Commerce, vun der Chambre des Métiers, vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics a vum Conseil d'État. Mä Rapport gouf de 6. Juni adoptéiert.

D'Chambre des Salariés huet hiren Accord markéiert, huet awer och gesot, dass et nach net duergeet, fir der sozialekonomescher Evolutioun am Lëtzebuurger Land gerecht ze ginn. De Conseil d'État hat eng Opposition formelle zum Artikel 3, déi dann och konnt duerch en Avis complémentaire vum 21. Mee erausgeholl ginn, well den Artikel gestrach gouf.

D'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers, déi hunn en Avis zesumme gemaach an hu constatéiert, dass de Projet de loi ouni Consultatioun mat de Patronen ausgefouert gouf. Si hunn hiren Desaccord markéiert, vu d'ekonomesch Situatioun hei am Land. Besser wier et hinnen no, eng substanzier Erhéijung vun de soziale Wunnengen an de Wunnengshëllefen ze maachen.

Här President, d'Kommissioun huet mä Rapport à l'unanimité ugeholl. Dat ass e gutt Zeechen. An ech soen och Merci derfir a ginn heimadder den Accord vun der LSAP. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a fir dës gudden a wichtege Projet.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engel. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech géif mer fir d'Éischt erlaben, dem honorabelen Här Georges Engel villmools Merci ze soe fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport. Ech géif dann och direkt soen, an en huet et jo schonn ugedeit, dass mer natierlech dat Gesetz, dee Projet de loi, et ass jo nach kee Gesetz, hei wäerte matstëmmen, esou wéi mer iwwregens bis elo nach all Erhéijung vum Mindestloun matgedroen hunn, ob et déi all zwee Joer unhand vun engem Rapport iwwert déi ekonomesch Entwécklung ass, deen dann dozou féiert, dass mer eng Adaptatioun vum Mindestloun maachen, oder ob et eng strukturell Erhéijung ass, wéi mer se elo dës Kéier maache mat 0,9 %, esou wéi de Rapporteur et scho gesot huet.

Ech wëll och ganz kloer nach eng Kéier hei soen, wa mer déi drëtt Mesure, déi jo an deem Package ass, net matgestëmmt hunn, well mer de Budget net gestëmmt hunn, dann ass et dach awer e bësse bëlle, eis ze ënnerstellen, wa mer net géifen de Budget stëmmen, dann hätte mer automatesch och déi Mesure net matgedroen.

All Mënsch weess, wann een e Budget net stëmmt, da gëtt et Punkten dran, déi awer mat Sécherheet géifen direkt mat ënnerstëtzt ginn. An esou ass et och fir de Crédit d'impôt fir de soziale Mindestloun. Dat hätte mir ganz sécher, wann dat individuell gestëmmt gi wier, ënnerstëtzt. Ech wollt dat just hei soen.

Da wëll ech ganz kloer soen, dass et eis ganz wichtege ass, dass mer deene Leit, déi fir de Mindestloun schaffen, regelméisseg Adaptatiounen ginn, fir dass se eenegermoossen an hirem dach deieren Ëmfeld, fir et emol esou ze soen, kënne mathalen. Erlaabt mer trotzdeem awer ze soen, dass mer als CSV déi eng oder déi aner Kritik hunn. Déi eng oder aner Kritik.

Emol fir d'Éischt muss een dach awer soen, jo, ganz am Ufank war kloer gesot: Et gëtt eng regelméisseg Upassung an da gëtt et dodrop nach 100 Euro netto. Dinn op eemol hu mer gesot oder ass gesot ginn: Den 1.1.2019 gëtt et direkt déi 100 Euro netto.

Dir kënnt lech erënneren, dass, wéi mer iwwert déi 1,1 % geschwat hunn, ech dunn hei op deem Pult sot, dass et, jo, net fir den 1.1.2019 wäert Realitéit ginn, mä iergendeng Kéier méi spéit. A mir hunn elo schonn en halleft Joer ëm an nach huet net jiddwereen all déi Augmentatiounen, déi awer sollten ab dem 1.1.2019 direkt Realitéit ginn. Mir stëmmen natierlech elo eng Retroaktivitéit, keng Diskussioun.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Awer dat féiert dozou, dass eng ganz Rei Patronen, an ech denken och virun allem u ganz kleng Patronen, Privatstëit, déi Leit agefallt hunn, déi deen een oder aneren agefallt hunn, u sech e Recalcul musse maachen, déi déi Adaptatioun schonn hätte missen iwwert de Crédit d'impôt vun deem Moment un, wou dat Gesetz a Kraaft getrueden ass, mat ëmsetzen. Dat ass awer, an dat wësse mer ganz kloer, bei villen net geschitt.

Dann ass et och net kloer, wann een aner Sozialleeschungen kritt, ob een déi Sozialleeschungen dann nach behält oder deels behält. Dat ass nach ëmmer net ganz sécher an et ass nach ëmmer net am Detail gekuckt, wéi dat sech an der Realitéit presentéiert.

Dir gesitt also, et sinn dach awer eng ganz Rei Saachen, déi net wierklech seriö gekuckt gi sinn. Mä trotzdeem, och wann do eng ganz Rei Inconnue sinn, wëll ech lech awer nach eng Kéier zum Schluss soen, dass d'CSV dat hei, dee Projet de loi wäert stëmmen. An ech ginn och domadder ganz offiziell den Accord dozou.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kaes. Als nächste Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann agebroen. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

► **Mme Carole Hartmann (DP).**- Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech wëll dës Ried mat engem Zitat vun eise Kolleg, dem Lex Krieps, ufänken.

► **Plusieurs voix.**- Aah!

(Brouhaha)

► **Une voix.**- Hien huet Gebuertsdag haut!

► **Mme Carole Hartmann (DP).**- En plus.

(Interruptions diverses)

„D'Gesetzlech Erhéijunge vum Mindestloun sinn den Equivalent vu Gehaltserhéijunge vu Salariéen, déi net ënner ee Kollektivvertrag falen.“

D'Koalitionsparteien hu sech am Regierungsprogramm drop gëeenegt, dass de Mindestloun 2019 ëm 100 Euro netto an d'Luucht geet. En éischten Deel vun dësen 100 Euro goufe schonn am Dezember 2018 iwwert déi regelméisseg Upassung vum Mindestloun un déi allgemeng Lounentwécklung gestëmmt. En zweeten Deel hu mir iwwert d'Budgetgesetz vun 2019 realiséiert, andeems e spezielle Crédit d'impôt agefouert gouf. Haut schwätze mer iwwert den drëten a leschten Deel, eng exzeptionell Erhéijung nieft de Bienallen ëm 0,9 %.

Et ass net onwesentlech ze betounen, dass déi Gesamterhéijung vum Mindestloun zu zwee Drëttel vum Stat a just zu engem Drëttel vun de Betriber gedroe gëtt. Dat war eis als Demokratesch Partei besonnesch wichtege, fir d'Kompetitivitéit vun eiser Ekonomie net onnéideg ze belastschen. Jo, mir stinn zu engem héije Mindestloun zu Lëtzebuerg.

Mä d'DP ass a bleift awer och der Meenung, dass eis Betriber sech dësen héije Mindestloun musse leeschte kënnen. Dee Moment, wou dat net méi de Fall ass, ginn d'Aarbechtsplazen ofgebaut a mir hunn deene Leit, deene mer eigentlech hëllef wollten, e Barendéngscht gelescht. Duerfir si mir der Meenung, dass een dës Mindestlounerhéijung net getrennt vun deene Mesuren däréi gesinn, déi mir fir eng verbessert Kompetitivitéit vun eise Betriber ëmgesat hu respektiv nach wäerten ëmsetzen.

Noteems den IRC, also d'Betriebsbesteuerung scho mat der Steuerreform 2017 därelech erfogsat gouf, hu mir mam Budget 2019 nach eng Kéier nogeluecht, soudass eis Betriber just nach mat 17 % besteiert ginn. D'Tranche, déi just mam Taux minimum vu 15 % besteiert gëtt, ass vu 25.000 op 175.000 Euro eropgaangen. Do dernieft wäerten an Zukunft déi staateleche Hëllef fir Betriber net méi besteiert ginn. Dës sinn alles steierlech Mesuren, déi eise Betriber hëllefen, mat hirer Konkurrenz am Ausland matzehalen an esou och an Zukunft gutt Salaren ze bezuelen.

D'DP gesäit awer och nieft dem steierlechen Ëmfeld an de Salairé Sputt no uewen, fir eisen Aarbechtsmarché nach méi attraktiv souwuel fir d'Salarié wéi och fir d'Betriber ze maachen. D'Flexibiliséierung vun den Aarbechtszäiten ass fir eis eng absolut Prioritéit fir dës Legislaturperiod. Méi flexibel Aarbechtszäiten erlaben et de Mënschen, hire Beruff, hir Famill an hir Fräizäit besser ënner een Hutt ze kréien. An d'Betriber kënne sech dann och besser organiséieren. Dat ass fir eis eng Win-win-Situatioun.

Här President, bei der Erhéijung vum Mindestloun geet et am Endeffekt dorëms, dass jiddwereen, deen zu Lëtzebuerg schafft, sech och d'Liewen zu Lëtzebuerg leeschte kann. Et gëllt, mat alle Mëttele ze verhënneren, dass zu Lëtzebuerg de Phenomeen vun de Working Poor optrëtt, also dass d'Leit vun Aarmut bedrot sinn, obwuel si enger regelméisseg Aarbecht noginn. Duerfir si mir houfreg drop, dass d'Regierung an der leschter Legislaturperiod eng Hällewull u Sozial- a Sachleeschungen agefouert huet, déi mat dozou bäidroen, dass virun allem Famillje mat Kanner a Monoparentalle besser iwwert d'Ronne kommen, wéi dat an der Vergaangenheet nach de Fall war.



Eleng d'Steierreform, déi verbessert Subvention loyer an d'gratis Schoulbicher maache bei engem monoparentalle Stot mat zwee Kanner e Plus vu ronn 3.700 Euro am Joer aus. Dat ass eng effikass Sozialpolitik, wéi mir eis se virstellen. D'Sue kommen direkt do un, wou se och gebraucht ginn. Zu dëser Sozialpolitik gehéiert och weiderhin en héije Mindestloun. An duerfir wäerte mir dëse Projet och matstëmmen.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Madamm Hartmann. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Carlo Back. Här Back, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Carlo Back (déi gréng).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng sozial gerecht Gesellschaft ass eng Gesellschaft, déi sech an éischter Linn ëm hir schwächste Membere bekëmmert. Dat ass eng Gesellschaft, déi een opfängt, wann een duerch Imprevuen am Liewe riskéiert, an d'Aarmut ofzerutschen. Et ass awer och eng Gesellschaft, déi jiddwerengem d'Fräiheet an d'Méiglechkeete bitt, sech selwer ze entfalten a seng Ziler am Liewen ze erreechen.

Esou eng Gesellschaft muss derfir suergen, datt et sech mat engem Loun zu mënschewierdege Konditione liewen an net nëmmen iwwerliewe léisst. De Mindestloun ass ee vun den Haaptoutillen, fir dëst Zil ze erreechen. Aus dësem Grond hat d'Regierung decidéiert, eng strukturell Erhéijung vum Mindestloun virzehuelen, fir esou zesumme mat der Erhéijung, déi mer am Dezember d'lescht Joer hei gestëmmt hunn, op ronn 100 Euro ze kommen.

Mir begrëssen dës strukturell Erhéijung vum Mindestloun, well et ass fir eis e wichtege Schratt an d'Richtung vun enger sozial méi gerechter Welt. D'Erhéijung vum Mindestloun ass allerdéngs net déi eenzeg Äntwert op de Problem vun de Working Poor an der Prekaritéit vu sëllege Leit an dëser Gesellschaft an an dësem Land.

Ee vun den Haaptproblemer ass a bleift de Logement, dee bái Wäitem dee gréissten Deel vun den Depensé vun de Stéit ausmécht a virun allem bei deene Leit, déi mat engem Mindestloun liewen. D'Statistike vum Statec weisen, datt den Undeel vum Logement un den Ausgabe vun de Stéit an de leschte Jor-zéngte staark an d'Luucht gaangen ass. 2016 louch en am Duerchschnëtt knapp iwwer engem Drëttel vum järeleche Revenu vun engem Stot.

Mir müssen d'Upassung vum Mindestloun also am Kontext vun den héije Liewenskäschte gesinn. Dozou gehéiert eben haaptsächlech de Logement, mä awer och d'Mobilitéit, déi natierlech méi e grousst Gewicht kritt, wann d'Distanz tëschent Aarbecht a Wunneng méi grouss gëtt.

Hei huet d'Regierung scho richtig a gutt Mesuren annoncéiert, wéi zum Beispill de gratis ëffentlechen Transport.

Eleng de Mindestloun ze erhéien, léist also net de Problem vun de Working Poor. Trotzdeem ass dës strukturell Erhéijung eng gutt Mesure, déi deene Salariéen zeguttkënnt, déi et am meeschte brauchen. Dofir soen ech dem Rapporteur Georges Engel Merci fir säi gudde mëndlechen a schrëftleche Rapport a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Back. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech wëll dann, fir unzefänken, dem Rapporteur, dem Här Georges Engel, fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport en häerzleche Merci soen. An ech géif och dann den Accord brénge vun eiser Fraktioun.

Mä erlaabt mer, e bëssen auszuhuelen. Ech mengen, dat meescht ass hei gesot ginn. Duerfir eriwweegt et sech, datt ech dat alles nach eng kéier widderhuelen. Mä ech wëilt e bëssen auszuhuelen.

Et geet jo ëm de Volet ënner anerem och vun der Bekämpfung vun der Aarmut hei am Land. An dat ass jo ee Symptom vun där Gesetzgebung, déi dat soll droen.

Et muss ee jo wëssen, Dir wësst et all, datt hei zu Lëtzebuerg ronn 18,7 % un der Aarmutsgrenz liewen. An duerfir muss mer kucken, datt mer do déi richtig Mesuren huelen an och ëmsetzen.

Mä et muss ee sech froen, ob mer um richtige Wee si mat all deene Mesuren a Moosnamen, déi mer huelen. Mir haten elo emol verschidde Gespréicher mat Leit, déi am Ausland wunnen, déi ausgewandert - wann ech dat Wuert esou

däerf gebrauchen - sinn. An déi hu mer am Fong geholl confirméiert, datt si hei am Land de Liewensënnerhalt allgemeng net méi gepackt hätten. Esou hätte si mat der Famill decidéiert, an d'Grenzregioun wunnen ze goen, schwéieren Häerzens, mä si hunn et misse maachen. An dat ware Leit oder dat si Leit, déi net um soziale Mindestloun, op deem Niveau liewen.

Opgrond vun dësem Message géif ech dann hei eng Motioun deponéieren, fir eng Etüd oder, besser gesot, eng Ëmfro ze maache bei eise Lëtzeburger, déi an der Groussregioun wunnen, a versichen erauszefannen, firwat datt si - ech wëll dat ënner Guillemete soen - „ausgewandert“ sinn. Dat soll keng Ëmfro iwwer Telefon sinn, mä dat soll eng Ëmfro si mat engem perséinleche Gespréich. Ech mengen, do kritt ee vill méi eraus wéi iwwer Telefon. Ech géif mer dann hei erlaben, dem Här President dës Motioun ze iwwerginn.

Motion 1

D'Chamber vun den Deputéierten

ass sech bewosst,

- datt scho vill Lëtzeburger iwwert d'Landesgrenz erausgaange sinn, fir sech eng Wunneng ze kafan an nëerzeloossen;

ass besuergt doriwwer,

- datt d'Lëtzeburger Land ëmmer méi Leit vu senger eegener Bevëlkerung verléiert;

- datt d'Lëtzeburger Bevëlkerung aus enger Noutsituatioun an d'Grenzgebidd vum den Nopeschlänner wunne geet;

- datt d'Zuel vun deene betraffene Lëtzeburger nach weider klamme kéint;

fuerdert d'Regierung op,

- eng Etüd ze maachen, bei där all déi Lëtzeburger, déi sech am noen Ausland nëergelooss hunn an déi sech och dozou bereet weisen (z. B. aus Grënn vum Dateschutz), perséinlech befrot ginn, wat fir enger Natur d'Grënn vun dëser Entscheidung waren.

(s.) Jeff Engelen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Dës Ëmfro soll derzou dëngen, deemno wat do erauskënnt, dat weess jo keen heibannen, ob mer aner Initiativen oder Moosname müssen huelen, well d'Aarmutsbekämpfung ass jo kee Symptom vun zwee, dräi oder véier Facteuren, dat sinn der méi, denken ech. An ech mengen, da wier et gutt, wa mer méi breet opgestallt wieren.

An et sinn ze vill Lëtzeburger, menger Meenung no, onser Meenung no, déi an d'Ausland hu missen auswanderen, fir iwwert d'Ronnen ze kommen. An, ech mengen, deem misst een dann och Rechnung droen. Well et muss ee feststellen: Et geet dem Land net esou gutt, wéi dat elo beim Lëtzeburger Nationalfeierdag verschiddenlech ze héiere war an deenen eenzelne Rieden. Wann ee bedenkt, datt iwwer 18,7 % un der Aarmutsgrenz muss liewen, da muss ee sech do awer Gedanke maachen an ëmdenken.

Ech soen Iech Merci fir Äert Nolauschteren.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Merci, Här President. Haut stëmme mer déi éischt strukturell Mindestlounerhéijung zanter Jorzéngten. An et schéngt scho bal eppes Historesches ze sinn, mat deem mer et hei ze dinn hunn. An duerfir huet de Rapporteur, mengen ech, och zu Recht op déi historesch Schlüsseldaten higewisen am Besuch op de Mindestloun hei am Land.

Fir de Wäert, och den historesche Wäert vun deem, wat mer awer haut hei stëmme, wierklech anzuschätzen, mengen ech, mécht et Sënn, datt ee sech emol ukuckt, wat dann eigentlech d'Funktoun vum Mindestloun ass.

Als Éischt, an dat schéngt kloer ze sinn, ass et dee Betrag, ënnert deem legal keng Lounaarbecht zu Lëtzebuerg ka renumeréiert ginn. Et ass also eng Zort Indicateur fir de Mindestwäert vun der Aarbecht.

E betrëfft, zweetens, ganz vill Leit. Ronn 60.000 Salariéen hei am Land bezéien de Mindestloun, wouvun der 82 %, also déi iwwergrouss Majoritéit, Vollzäit schaffen. An enger Stad wéi Esch sinn dat 36 % vun alle Salariéen, déi de Mindestloun verdéngen.

Et sinn allermeeschtens Leit, déi bei engem Patron schaffen, dee kee Kollektivvertrag huet, déi also net an de Genoss vun deene soziale Fortschréitter kommen, déi d'Gewerkschafte gemeinsam erkämpft hunn. An dann, fir och d'Madamm Hartmann an de vu mir ganz héich

geschaten Här Krieps ze zitieren: „Et ass eng Zort Kollektivvertrag vun deenen, déi kee Kollektivvertrag hunn.“

An drëtzens, an dat ass eng net onwesentlech, vläicht souguer eng ganz wesentlech sozial Fonctioun, well mam Mindestloun zesumme geet näamlech e gesellschaftlecht Versprechen, wat konstitutiv ass fir dat, wat mir sozial Kohäsion nennen. An dat besteet doranner, datt e Mënsch, dee Vollzäit schafft, muss kënnen dezent vu senger Aarbecht liewen. Aarbecht muss virun Aarmut schützen, an dat virun alle sozialen Transferen.

An do läit d'Kromm awer an der Heck hei am Land. An och dëst Gesetz kann dat Versprechen net anhalen, och wann et zumindest an déi richtig Richtung weist.

Zu Lëtzebuerg ass an deene leschten zéng Joer den Aarmutsrisko op eng dramatesch Aart a Weis geklommen, vun 13,5 % op entre-temps iwwer 18,5 %. An déiselwecht Entwécklung gesi mer och bei de Working-Pooren, also deene Leit, déi dem Aarmutsrisko ausgesat sinn, obwuel se eng fest Aarbecht hunn. Do ass de Prozentsaz vu ronn 9 % op entre-temps bal 14 % geklommen.

An dat huet ënner anerem domadder ze dinn, datt déi niddreg Léin an deene leschte Joren, an deemselwechten Zäitraum also, wesentlech méi lues geklomme si wéi déi héich Léin. An dat beleeeën alleguer d'Etüden, déi mer dozou virleien hunn. Dat heescht näischt anescht, wéi datt d'Akommesschéier tëscht deenen niddregen an deenen héije Léin ëmmer weider ausenanerklafft. An dat ass och en Deel vun där sozialer Realitéit hei am Land.

De Statec rechent zanter Kuerzem all Joer aus, wat een zu Lëtzebuerg brauch, fir dezent liewen ze kënnen. An dat waren 2018 ronn 2.000 Euro netto; genau 1.996 an net 1.922, well dat sinn nach Zuele vun 2017. Dat heescht, datt den Nettomindestloun zu Lëtzebuerg eng Differenz zu deem opweist, wat een eigentlech bräicht, vu ronn 250 Euro.

An och mat deenen Upassungen, déi d'Regierung dëst Joer gemaach huet, sief et déi traditionell Upassung vum Mindestloun un d'Lounentwécklung, sief et d'Steierreform, wéi och dës strukturell Erhéijung, bleift den onqualifizéierte Mindestloun nach ëmmer däitlech ënnert deem, wat de Statec virrechent, wat een zu Lëtzebuerg brauch, fir dezent liewen ze kënnen.

Dës Erhéijung vum Mindestloun, déi mer elo stëmme, ëm 0,9 % bedeite ronn 18 respektiv 22 Euro, déi 60.000 Salariéen elo méi kréien. Dat ass a bleift an eisen en awer eng Drëps op de gliddege Steen. A fir ganz vill vun deene 60.000, näamlech 60 %, läit dat och nach ëmmer ënnert deem, wat se brauchen, fir dezent ze liewen.

Duerfir menge mir als Lénk, a bleiwen dobäi, datt mer weiderhin eng substanzuell Erhéijung vum Mindestloun brauchen. A mir mengen dat zesumme mat de Gewerkschaften, zesumme mat der Salariatskummer. An zesumme mat de Sozialverbänn fuerdere mer eng Mindestlounerhéijung ëm 10 %, well eréischt da kann dat fundamentaalt gesellschaftlecht Versprechen op eierbart Liewen duerch Aarbecht erfëllt ginn! Eréischt da sinn déi Betreffen net méi d'office op staatlech Almosen ugewisen, wéi de Rapporteur kierzlech nach gesot huet! An eréischt da sinn d'Bedéngungen iwwerhaupt erfëllt, datt et de Leit gutt ka goen, wann et dem Land gutt geet!

Ech soen Iech Merci.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Marc Baum. De leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat mer haut stëmme, ass, wéi den honorabele Kolleeg Baum et elo grad gesot huet, eng Drëps op de gliddege Steen.

Ech widderhuelen net d'Zuelen, déi mer haut schonn eng kéier héieren hunn, déi och jiddwereen, dee sech mat deem Thema e bësse méi intensiv auserneegesat huet, en amont hätt kënnen noliessen. Et ass e Clivage do tëschent deem, wat de Mindestloun ass, an deem, wat ee brauch, fir adequat ouni Aarmutsrisko zu Lëtzebuerg ze liewen.

Dëse Clivage maache mer haut ganz e bësse méi zou. Dat heescht awer net, datt mer eis haut sollte felicitéieren, datt mer d'Aarmut bekämpfen. Mir reduzéieren de Risiko fir Aarmut fir e puer Leit ëm e puer Euro. Dat ass also nach wäit net dee grouse Worf, deen annoncéiert gouf. An et ass och mat deenen zwou anere Mesuren zesummen net e grouse Worf, dee muer Leit virun dem Phenomeen vun de Working Poor beschütze wäert.

Well wien eng kéier probéiert huet, mam net qualifizéierten, mä souguer mam qualifizéierte Mindestloun eleng ze liewen, mierkt, datt dat zu Lëtzebuerg scho ganz schwéier ass. A wann dann och nach Kanner derbäikommen, spéits-tens da si mer ënnert der Aarmutsgrenz.

An, ech mengen, dorunner muss mer schaffen. Mir müssen dru schaffen, datt mer eben net Almose vum Stat verdeele müssen, mä datt Aarbecht sech lount, datt d'Produktivitéit zu Lëtzebuerg héich genuch ass, datt d'Patrone sech et leeschte kënnen. Well och dat ass haut schonn ugeklongen: D'Patronen, déi dat heite müssen elo retroaktiv verrechnen, déi wäerten, wa mer dat heite bis gestëmmt hunn, op enger décker Rechnung sëtzen, mat där se zwar rechnen konnten, se awer net forcement ageplangt hunn. Dat heescht, och hei muss mer eis drop gefaast maachen, datt dat net bei jiddwerengem esou positiv eriwwegeet, wéi mer dat haut vläicht mengen.

Netdestotz ass dat heiten eng Drëps op de gliddege Steen. An alles, wat dozou féiert, fir deem Steen e bëssen Ofkillung ze verschafen, sollte mer notzen. An duerfir wäerte mir dat heite matstëmme.

Villmools Merci.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Ganz gutt!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert: den Aarbechtsminister, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- Merci, Här President, fir d'Wuert. U sech hat ech mer virgestallt, nodeems dass ech engersäits dem Rapporteur fir säin exzellente Rapport an anerersäits de Fraktioun Merci gesot hätt fir déi Eestëmmegkeet, déi sech awer ofzechent, fir dëse wichtege Projet de loi ze verabschiden, fir kënnen hei virun d'Chamber ze trieden an ze soen: „Ech wäert elo déi kierzeste Ried halen, déi ech jee a mengem Liewe gehalten hunn.“ An déi hätt doranner bestanen, dass ech gesot hunn oder hätt: „Mir hunn et versprochen, vill Leit hunn net dru gegleeft a mir hunn et gemaach.“ An dann hätt ech mech gesat a mir hätten dëse Projet de loi kënnen ofstëmme.

Ech mengen awer, dass de Respekt vis-à-vis vun der Chamber mer octroyéiert, awer op verschidde Remarque vun den Deputéierten anzegoen. Ech huelen engersäits mat Satisfaktioun zur Kenntnis, dass d'CSV zougëtt, dass se zwar géint de Crédit d'impôt gestëmmt huet, mä awer hannert dem Prinzip vum Crédit d'impôt fir Mindestlounbezéier steet.

Ech mengen awer och, dass et falsch ass, dass da probéiert gëtt, eng Rechnung ze maachen, dass et hätt misse méi sinn oder eventuell manner sinn, an domadder d'Evolution vun der Zäit total ausser Uecht steet. Ech mengen, dass ech e bësse weess, wéi et zu där Fuerderung komm ass vun enger Augmentatioun vun 100 Euro netto op den 1. Januar 2019. Ech selwer hat e bëssen eppes domat ze dinn. Duerfir mengen ech haut kënnen ze behaapten, dass dat, wat deemools versprochen ginn ass, elo realiséiert gëtt.

An ech soen och nach eng kéier: Deenen, déi beträff sinn, sinn alleguerten déi politesch Diskussiounen, déi mer dorëms féieren, relativ egal. Si sinn haut net mat Zoossissen ugestréckt, si waren et gëschter net a si sinn et och muer net. An ech begrëssen alleguerten déi Riedebäiträg, déi gesot hunn, dass nach ëmmer Aktiounsspillraum bleift, fir hinnen och an Zukunft ze hëllefen.

Mä schlussendlech ass et hinnen egal, wéi am Detail, wien um Ursprung vun der Fuerderung stoung a wéi et herno ëmgesat gëtt. Wichtig ass fir si, dass si réckwierkend op den 1. Januar 2019 iwwer 100 Euro am Mount méi verfüge kënnen, fir hiert Liewen ze gestalten.

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Dan Kersch, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.**- A mir sollten eis mat hinnen zefridde weisen, well mir maachen haut hei als Ofschloss vun dräi Gesetzesprojeten e wichtege Schrëtt zur weiderer Cohésion sociale vun eiser Gesellschaft.

Ech hätt gärden nach e Wuert zur Motioun vun der ADR gesot. Leider hunn ech den Text net kritt. Duerfir beschränken ech mech elo op dat, fir ze äntwerten, wat ech mëndlech héieren hunn.

Éischstens mengen ech, dass et opgrond vun der Zuel vun de Leit, déi d'Lëtzeburger Natio-



nalitéit hunn an am Ausland oder am noen Ausland wunnen, praktesch onméiglech ass, fir eng Ëmro ze maachen, wou mer jiddweree géife perséinlech kontaktéieren.

Zweetens mengen ech och, dass et falsch ass, se alleguerten iwwer ee Leescht ze zéien. Et gëtt der mat Sécherheet eng Rei, déi aus renge finanziellen Erwägungen de Schratt gewot hunn, sech am noen Ausland nidderzeloossen, mä et gëtt och déi, déi ganz aner Grënn haten, fir dee Schratt ze maachen. Aneschtens ausgedréckt: Et gëtt där, déi zu Athus an engem klengen Appartement wunnen, an et gëtt där, déi e puer Schrëtt weider an engem Schluss mat groussem Park wunnen.

Dofir: Kommt, mir probéieren dat heiten an aller Serenitéit zesummen ze diskutéieren, ouni dass mer probéieren hei, eenheetlech Kritären unzewennen, déi net unzewenne sinn!

Merci.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Aarbechtsminister Dan Kersch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7416. Den Text steet am Document parlementaire 7416⁷.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7416 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno de Vote par procura-tion. De Vott ass elo ofgeschloss.

De Projet de loi 7416 ass mat 59 Jo-Stëmmen ugehoill.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7416 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Octavie Modert), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty Graas), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Marc Angel (par Mme Tess Burton), Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zur Ofstëmmung vun der Motion.

(Interruption par M. Jeff Engelen)

Nach eng Kéier den honorabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Jo, ech wollt just soen, wéi ech dat Déngeen hei virbereet hu fir haut, ...

► **Une voix.**- Dat Déngeen!

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- ... also deen Dossier, déi Motioun, dunn ass mer opgefall, och wann den Här Dan Kersch, den Här Minister, elo dergéint ass, mä den Här Serge Allegrezza huet dat och gefrot. Dat ass mir awer eréischt duerno opgefall. An hie schreift: „Die Statistiken reichen nur bis zur Staatsgrenze“, sagt Serge Allegrezza. „Wir hätten gern Daten, aber dazu müssten wir detaillierte Umfragen in den Nachbarländern durchführen. Es ist nicht ausgeschlossen, dass wir das machen werden.“ Dat huet e selwer ... Also, et steet hei an engem Artikel. An ech wollt dat awer mat op de Wee ginn.

Merci.

(Interruptions)

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Engelen. D'Regierung: den Här Aarbechtsminister Dan Kersch.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Här President!

(Interruption)

► **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.**- Selbstverständlech.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Den Här Baum fir d'Éischt.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Jo, Merci, Här President. Ech géif dem Här Engelen och Merci soe fir dës Initiativ. Déi Froestellung, déi en opwerft, ass, mengen ech, héichinteressant, well et bedeit näamlech, datt Lëtzebuerg net nëmmen en Immigrationsland ass, wéi Verschiddener jo andauernd amgaange sinn ze fäerten, mä och en Emigrationsland an datt net nëmme Lëtzebuerger an dat not Ausland wunne ginn, mä och aner ehemoleg Residenten vu Lëtzebuerg, déi eng aner Nationalitéit hunn.

Ech mengen, wann een am Süde vum Land wunnt an et geet een eriwuer op Villerupt oder op Audun-le-Tiche, do héiert een, datt och ganz vill Portugisesch geschwat gëtt. Dat ass, mengen ech, e Phenomeen, deen innerhalb vun der Groussregioun eng Mobilitéit tëschent de Leit bedeit, déi ganz grouss ass.

Ech géif proposéieren, datt dat hei eng Fro ass, mat där sech d'Kommissioun eng Kéier sollt befaassen, an datt een d'Motioun, där hiren Hannergrond awer, mengen ech, duerchaus berechtigt ass, an der Kommissioun géif diskutéieren. Well wa mer elo iwwert d'Motioun missten ofstëmme, misst ech mech enthalen. Mä ech mengen, datt déi Froestellung awer berechtigt ass, an et sollt een an der Kommissioun drop zrëckkommen.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- D'Madamm Hansen, wannechgelift.

► **Mme Martine Hansen (CSV).**- Merci, Här President. Also, dat hei ass ee Phenomeen, dee sech definitiv ëmmer méi weist, an dat op alle Landesgrenzen, soudatt mer déi do Etüd géife ganz wichteg fannen. Mir ënnerstëtzen déi heite Motioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Den Här Kersch, wannechgelift.

► **M. Dan Kersch, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.**- Ech mengen, ech fannen déi Proposition ganz richtig, fir ze soen, dass dat e Phenomeen ass, mat deem ee sech muss ausenanesetzen. Domat hu mir och absolutt kee Problem als Regierung.

Wéi gesot, et muss een differenzéieren. Et soll een net alles iwwer ee Leescht zéien. A wann d'Proposition vun deene Lénken hei den Assentiment vun där ganzer Chamber kéint fannen, fir dat an der Kommissioun nach eng Kéier ze diskutéieren, da wäert d'Regierung deem net entgéintstoen.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Ass den Här Engelen d'accord, fir d'Motioun an d'Kommissioun ze ginn?

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Jo, ech sinn awerstanen. Jo.

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Ech mengen, mam Accord vum Depositaire vun der Motioun géife mer dann déi dote Motioun an d'Kommissioun zrëckginn.

(Interruption par M. Alex Bodry)

Den Här Bodry nach.

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Jo, ech hu kee Problem, dass een dat diskutéiert. Ech wëll allerdings soen, dass mir esou en Text u sech a priori net géife stëmme, well ganz kloer d'Formulatioun vum Text esou ass, dass eleng de Fait, dass een, deen hei zu Lëtzebuerg wunnt an dee Lëtzebuerger ass, sech eigentlech erdreist, aus wellechen Ursachen och ëmmer, an d'Ausland wunnen ze goen, als negativ duergestallt gëtt.

Ech mengen, et sollt een neutral gesinn, dass et engem säi Recht ass, aus wellechen Ursachen och ëmmer, ze decidéieren, déi aner Säit vun der Grenz wunnen ze goen, esou wéi et e Recht ass vun anere Leit, hei op Lëtzebuerg wunnen ze kommen, soufern se d'Bedéngunge vum Gesetz erfüllen.

A mech stéiert fundamental déi Approche, déi, muss ech soen, nationalistesche Approche, déi an deem heiten Text dran ass.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools fir déi Wuertmeldung.

Ass d'Chamber dann domadder d'accord, fir déi Motioun an d'Kommissioun ze verweisen?

(Assentiment)

Da soen ech Merci.

(La motion n° 1 de M. Jeff Engelen est renvoyée en commission.)

A mir kommen zum Projet de loi 7417, enger Adaptatioun vum Montant vum REVIS.

(Interruption par M. Charles Margue)

Den Här Margue, wannechgelift.

5. Ordre du jour (suite)

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Här President, ech wollt froen, ob mer och nach schnell kënne Stellung huelen zu där ...

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Ech hätt léiwer gehat, Här Margue, Dir wiert am Ufank hei gewiescht, ...

► **Plusieurs voix.**- Aah!

► **Une voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- ... fir dann direkt kënne Stellung derzou ze huelen. An ech ginn lech awer gären d'Wuert.

(Brouhaha)

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).**- Wie war dann nach net do?

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Merci, Här President. Ech hunn de Message verstanen. Enner Kollege kann een een och warnen, wann een ee wëllt uschwätzen. Esou vill dozou.

(Brouhaha)

Neen, mir sinn eis iwwert de Wee gelaf do-baussen.

Ech wëll da kuerz Stellung huelen an drop verweisen, dass mer an eiser Sitzung vum 22. Mee dëst Joer zu där doter Fro/Problematik Stellung geholl hunn, ob mer opgrond vun enger Suggestioun Leit, déi eng Demande maachen, an d'Kommissioun géife systematesch invitéieren oder net.

Mir hu kontrovers doriwwer diskutéiert a mir hu festgehalten - an ech hunn hei e puer Wuert vum Alex Bodry, dee relativ méi laang doriwwer rapportéiert huet -: « Jusqu'à présent, le Parlement a accordé de telles demandes au cas par cas. Il n'existe pas d'approche uniforme en la matière. À défaut d'entrevue en commission parlementaire, les groupes et sensibilités politiques sont bien évidemment libres d'accueillir des groupements d'intérêts au sein de leurs locaux afin d'avoir des échanges avec eux. »

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Genau dat hunn ech gesot, Här Margue!

(Interruptions)

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Mir hunn déi Leit empfaangen a mir hunn déi Leit ...

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Neen, neen, neen!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Neen, neen, neen, neen!

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Den Här Margue huet d'Wuert a soss kee fir de Moment!

(Interruptions)

Den Här Margue huet nach ëmmer d'Wuert. Här Kox, den Här Margue huet d'Wuert a soss keen!

(Brouhaha)

► **Une voix.**- Da loosst den Här Margue schwätzen!

► **Une autre voix.**- Exzellent!

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Ech hu manner Erfahrung wéi vill vun lech, ...

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Här Kox, nom Här Margue huet fir d'Éischt den Här Roth d'Wuert gefrot.

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- ... hunn domadder awer och intensiv nogelauschert, wat gesot ginn ass, dass dat au cas par cas wier. An dat war d'Konklusioun.

Ech sinn ugeschriwwen gi mat mengem direkten Numm a menger Qualitéit als President vun där Kommissioun. Mir hunn doriwwer thematiséiert an engem Moment, wou jiddwereen ugeschriwwen ginn ass vu sëllege Bréiwer. Déi Demande war en plus ausgedréckt nom Motto: „Elo ziele mir lech emol, ier mer dee Gesetzesprojet kucken, wou dann d'Enjeue vun där Ëmsetzung vun där Bataclan-Direktiv sinn.“

Mir hunn dat iwwer laang Seancë gemaach. Mir hu ganz vill Bréiwer, alleguerten, en nom personnel un all Deputéierte kritt. Et gouf kee Moment méi eng Plus-value, fir déi Leit an d'Kommissioun ze ruffen! Dat ass meng Decisioun als President an dozou stinn ech!

► **Plusieurs voix.**- Oh!

(Brouhaha)

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Wou si mer? Et gëtt ëmmer besser!

(Brouhaha général)

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Den honorabelen Här Gilles Roth huet d'Wuert gefrot.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Merci, Här President. Ech hunn elo net de Procès-verbal vun der Sitzung viru mer, mä meng Memoire seet mer awer, dass d'CSV-Fraktioun gefrot hat, fir eng Rei vun Associatiounen, also net eenzel Leit, mä Associatiounen - dat ass gaangen iwwert d'Armuriers professionnels, dat waren déi Leit, déi Sammler ware vu Waffen -, dass mer gefrot hunn, dass déi géifen an der Justizkommissioun gehéiert ginn.

An dunn ass no engem gewëssenen Hin an Hier zrëckbehale ginn, a wou d'CSV-Fraktioun sech ralliéiert huet, dass déi géife gehéiert ginn, mä nodeems de Conseil d'État säin Avis ofginn hat. Dat musst Der soen!

An da fanne mir et, an ech rejoignéieren do den Här Mosar, net korrekt - fir et net aneschtens ze betitelen -, dass een eng Demande vun deene Leit, déi un de President vun der Justizkommissioun an net un den Här Charles Margue als Deputéierten, déi gréng, gaangen ass, net weidergëtt un d'Justizkommissioun, mä dass dann déi Leit, déi froen, fir an der Justizkommissioun gehéiert ze ginn, eenzel vun lech an der Fraktioun gehéiert ginn.

Dat ass net korrekt! An dat entsprécht och net deem, wat an der Justizkommissioun zrëckbehale gouf!

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Merci villmools, Här Roth. Den Här Mosar nach eng Kéier, wannechgelift.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Jo, ech wollt just nach eng Kéier eppes präziséieren, wat net richtig ass. Den Här Margue huet elo hei behaupt, déi Bréiwer wäeren un hien à titre personnel gaangen. Här President, ech hunn lech déi Bréiwer hannerluecht. Liest do, wéi déi intituléiert sinn! Do steet „Chambre des Députés, Commission juridique“, natierlech „à l'attention de M. Margue“. Den Här Margue ass President. Esou ginn alleguerten d'Bréiwer un d'Chamber.

An ech géif lech och bieden ... Déi Leit, déi waren erstaunt! Déi waren der Meenung, se géifen an der Commission juridique empfaange ginn. Se hunn emol net gesot kritt, datt et net an der Commission juridique wär, mä datt et an der grénger Fraktioun wär!

► **Plusieurs voix.**- Ooh!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- An dat ... Ech kann lech och elo hei ... Mir kënnen dat gär eng Kéier am Detail maachen, wou déi Leit ugeruff kritt hu vun enger vun Äre Mataarbechterinnen, enger Madamm Marion Muller, déi gesot huet, si géif uruffen am Numm vun der Commission juridique, fir déi Leit ze empfänken.

(Brouhaha)

Dat ass, muss ech lech soen ... An dann eppes, wat ech awer nu wierklech guer net kann akzeptéieren: Är lescht Ausso, wou Dir hei sot, Dir als President géift decidéieren, wat fir eng Associatiounen géifen empfaange ginn.

► **M. Charles Margue (déi gréng).**- Wéini mer se géifen invitéieren!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Majo, Dir hutt d'Kommissioun ze informéieren iwwert d'Demanden, déi erakommen! An et ass d'ganz Kommissioun, Här Margue, déi doriwwer decidéiert, net Dir eleng als President!

► **M. Fernand Etgen, *Président*.**- Hei wannechgelift! Ech mengen, ech hat ugangs den Här Mosar gebieden, déi Dokumenter hei an der Chamber ze deposéieren. Dat ass am Fong geholl geschitt. A mir wäerten dann och op där richteger Plaz déi Diskussioun, déi hei ugefouert ginn ass, zu Enn féieren.

Le saviez-VOUS ?

LÉGISLATURE

La législature est la période pour laquelle sont élus les députés. Elle a en principe une durée de cinq ans à moins qu'il n'y ait d'élections anticipées.